# Home : Material

Wëll dës Beraicher enorm villsaiteg sinn, konzentréire mer ais hei just op eng nët komplett Checkléscht.

Ënnert den onzielege Emweltlabels fir **Botz- a Verwaltungsmaterial** hu mer zréckbehale, datt ee Critère beuechte soll wéi:

- Kréien ech Botzproduite a grousse Bidon'e fir di mi kléng Alldagsbehälter nozefëlle,
- Hygièneartikele wéi Toilettepobaier mat engem méiglechst héigen Undeel u Recyclingpobaier, respektiv Pobaier aus nohalteger Holzproduktioun,
- Biologesch ofbaubar Botzproduite a biologesche ofbaubare Spüli,
- Laangliewegkeet vum Botzmaterial wéi Eemere, Botzgeschir ...,
- Méiglechst einfach uwendbar an universell ausgeriichte Botzproduite amplaz vun ganz villen ennerschiddleche Mëttele,
- Kichendicher a Bettgezai (Bettzichen an Taies d'oreiller) aus Stoffer di fairwave/faretrade sinn,
- Einwegpobaierspender nëmmen do asetze wou se e Plus sin par rapport zu Sèche-mains,
- Botzmëttel wielen di d'Gesondheet vun dene Léit di vill domadder schaffen nët ugraift.

## Animatiounsmaterial

- Flipchartpobaier mat engem héigen Undeel u Recyclingspoabier,
- „Bensinsstefter" di nees opfëllbar sinn oder di aus Materialie zesummegesat sinn déi recykléierbar sinn,
- Holzfaarwe mat Holz aus nohaltegem Ubau,
- Tuschbice ouni Risk vu Gesondheetsbelaaschtung,
- Genuch Pabaierkiirf an Aktivitéitsraim opstellen, respektiv Recyclingskëschte.

## Büromaterial

- Photokopieuse mat Eco-Fonctiounen wéi z.B. ënnerschiddleche Drockqualitéite vu low-basic bis extra gudd Qualitéit, jee no Besoin,
- Intelligent Bureausmaterial, dat sech selwer en veilleuse setzt, respektiv de Schlummerbetrieb aktivéiert wann et net genotzt get, mee och net ganz ausgeschalt soll gin,
- Photokopiespobaier mat engem héigen Undeel u recykléiertem Material.

## Campmaterial

- Robust Kichematerial wéi Dëpper aus Innox, Pane aus Goss, Gamelle aus Innox oder Alu wielen a Plastiksiessgeschir wann méiglech ganz vermeiden,
- Rucksäk a Campgezäi aus strapazéierfähege Textilie,
- Zelter sollen ëmmer dreche agepak ginn an och drechen a gudd beléft gelagert ginn,
- Zeltbiedem op d'manst eemol d'Saison ofwäsche an dreche stockéiere,
- Zelthousse, Picketssäckelcher, Staangesäck asw nokucke an nohalteg verwalte.

---

> Lëtzebuerger Guiden a Scouten
> Arbechtsgrupp Nohaltegkeet
> nohaltegkeet@lgs.lu

*Home : Home, Editioun vum 18. September 2021*

---